



Poitiounspabeier

Beschloss um Landeskongress 2011.2

Thema:

Erhéichte Budgettransparenz

Problematik

D'Regierung bréngt ëffentlech Gelder op a benotzt dës fir ëffentlech Bedürfnisser ze befriedegen. Fir dat erfollegräich ze maachen, muss d'Regierung dem Bierger géigeniwwer rechenschaftspflichteg sinn, wat d'Verwenne vu "senge" Suen ugeet. Dat geschitt zu Lëtzebuerg aktuell duerch d'Verëffentleche vum Gesetzestext de Staatsbudget betreffend ob Pabeier an als (net maschinnellesbare) PDF ob de Säite legilux.lu an igf.etat.lu. Leider stellt weder d'Regierung nach den IGF (Inspection générale des finances) iergendwellech weider Budgetsdokumenter zur Verfügung a verweigert souguer op Nofro d'Erausgi vu maschinnellesbaren Dokumenter, déi de Budget betreffen. Dest verhënnert eng effektiv Kontroll vum Staat duerch seng Bierger. Et geet net duer, dass de Souverän zwar Zougang zu den noutwennegsten Informatiounen huet, dës awer wéinst Formatugaben net eegestänneg notze kann. Dës Weidere ginn all d'Budgetsdokumenter (wéi iwwregens all d'Gesetzestexter) nëmmen ob Franséisch verfaasst, och dat stellt eng weider Hürd fir een net ze vernoléissegenden Deel vun de Bierger duer.

Prinzipien vun der Piratepartei

D'Piratepartei an hirer grondeegenster Fuerderung no engem transparente Staatsapparat kennt net ronderëm sech och dem Problem vun der Budgetstransparenz unzehuelen. Schonns am bei der Grënnung beschlossene Grondsazprogramm steet: "Enner besonnescher Berécksichtigung vun den immense Méiglechkeeten, di sech mat der rasanter Entwécklung a Verbreedung duerch Nei Medien erginn, ginn et verschidden Usazpunkte vir dëse grondsätzleche Fuerderunge Rechnung ze droen. Sou solle staatlech Plazen Notzung vu fräier Software forcéieren, eng automatesch Verëffentlechung vun Dokumenter anzeriichten an allgemeng de bëllegsten an opwandsaarmsten digitalen Zougrëff ausbauen."

Et ass nëmmen natierlech, dass d'Piratepartei als richteg fräiheetlech-demokratesch Partei de fräien Zougang an domadder eng méi grouss Transparenz beim Staatsbudget fuerdert. Well nëmmen duerch d'Transparenz vun der Finanzsituatioun vum Staatsapparat kann d'demokratesch Participatioun an d'Kontrollfunctioun vum Bierger voll ausgeschöpft ginn.



Fuerderungen

Ugesiicht der Tatsaach, dass en transparente Staatsbudget d'Grundlag vun all Bedeelegung vum Bierger ass, fuerdert d'Piratepartei Lëtzebuerg:

- Eng Verëffentlechung vun enger maschinneliesbarer Versioun vum Staatsbudget
- D'Verëffentleche vun allen Dokumenter déi zum Verständnis vum Budget relevant sinn
- D'Verëffentlechung vun de Réidate souwuel déi di de Budget betreffe wéi och déi fir d'trimesteriell Budgetskontroll erhuewen
- En beschtméiglechen Asaz vun allen Dokumenter, wéinstens awer dass de beschlossene Budget maschinneliesbar ass
- Eng méi fein Opschlësselung vun alle Käschten- a Recetteveruersaacher, fir de Joresofschlossbericht sollt dest bis ob den Detaillierungsgrad vun eenzelne Finanztransaktiounen inklusiv den derzougehéieren Dokumenter goen (z.B. d'Rechnunge fir d'Bestellung vu neie Computeren)
- Eng kloer Opschlësselung besonnesch dem Notze vu Gelder déi reliéis Communautéiten zur Verfügung gestallt kréien